ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. November 2017

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend parlamentaresch Fro** (Art. 81) un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Leider heefen sech an deene leschte Méint terroristesch Attentater, déi mat engem "Ramm-Gefier" (Auto, Camionnette, Camion) ausgefouert ginn, andeems d'Attentäter mat esou engem Gefier an e Grupp vu Leit fueren, fir méiglech vill Affer ze fuerderen. Och d'Chrëschtmäert stellen en Zil duer fir esou grujeleg Doten.

Och an der Stad sinn am Ableck sougenannten "Terror-Spären", a Form vu Bëtongsbléck, op Afaarten an d'Foussgängerzonen opgestallt ginn. Dobäi sinn awer d'Ofstänn tëschent de Bléck esou grouss, datt weider Autoen an zum Deel och méi grouss Gefierer duerchkommen.

An deem Zesummenhang wollt ech dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet dës Froe stellen:

1) *Hunn de Ministère a seng Servicer, wéi z.B. d'Police, e Plang opgestallt, fir d'Chrëschtmäert am Land effizient géint Attentater mat Ramm-Gefierer a géint aner Geforen ze schützen?*
2) *Ass den Här Minister der Meenung, datt d'Terror-Spären aus Bëtongsbléck, esou wéi se den Ament opgestallt sinn, eng reell Äntwert op Attentater mat Ramm-Gefierer duerstellen? Wann neen, wéi eng zousätzlech Moossname plangt d'Regierung fir d'Chrëschtmäert sënnvoll ze schützen?*
3) *Wéi eng Administratioun huet d'Pläng fir déi aktuell Späre opgestallt? Sinn dës Pläng op hir Effizienz ënnersicht ginn? Wat hunn dës Späre bis elo kascht?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten